N°85
Entrée le 05.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/12/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.

De 4. Dezember gëtt a ville Südgemengen Bärbelendag gefeiert. Et ass den Dag vun der Schutzpatréinesch vun de Mineuren an dofir ass de Feierdag virun allem a Géigenden, wou et ee Minettofbau gouf, Traditioun. Um Site vum Immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg, dem iki.lu, heescht et zum Bärbelendag:

> D'Traditioun vu Bärbelendag ass den 30. November 2022 vun der Kulturministesch Sam Tanson op den nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe gesat ginn. [...] Well Bärbelendag awer och an anere Länner, ewéi, zum Beispill, a Polen oder Éisträich eng déif verwuerzelt Traditioun ass, kéint geschwënn eng multinational Demande gemaach ginn, fir d'Fest vun der helleger Bärbel och op d'UNESCO-Representativlëscht vun der Mënschheet ze setzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert den neie Kulturminister d'Beméiung fir d'Klassifizéierung vum Bärbelendag als Kulturierwen op Unesco-Niveau weiderfeieren?

2. Wou sinn d'Beméiunge fir eng multinational Demande drun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°85
Entrée le 16.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Ufro n°85 vum 5. Dezember 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen

Wéi schonn an der parlamentarescher Ufro vum Honorabelen Deputéierte vermierkt, ass d'Feier vum Bärbelendag net eng réng Lëtzebuerger Traditioun, mee soll souguer iwwer Biergaarbechter aus Schlesien am haitege Polen op Lëtzebuerg komm sinn.

Esou ass et och net erstaunlech, datt Pole Bestriewungen opgeholl hat, fir bei der UNESCO eng Kandidatur ze stellen, fir Bärbelendag op d'Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opzehuelen. Bekräftegt, duerch de Fait, datt Bärbelendag am November 2022 vum Kulturministère op de nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe geholl ginn ass (eng vun de grondleeënde Bedéngunge fir kënne bei der UNESCO eng Kandidatur ze stellen), an duerch de positiven Avis vun der Lëtzebuerger UNESCO-Kommissioun am November 2022, en faveur vun der Lëtzebuerger Participatioun bei enger multinationaler Kandidatur bei der UNESCO, huet Lëtzebuerg sech dem polnesche Projet fir d'Aschreiwung vum Bärbelendag op der Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet ugeschloss.

Zënterhier sinn ënnert der Leedung vu Polen, Lëtzebuerg an Éisträich am gaangen, dës multinational Kandidatur fir Bärbelendag an déi entspriechend Gebräich vun de Biergleit auszeschaffen. Esou wéi d'UNESCO dat virgesäit, schafft de Kulturministère heifir ganz enk mat den Trägergemeinschaften hei am Land zesummen. De Comité Sainte Barbe vun Téiteng ass momentan am gaange bei allen Trägermeinschaften déi d'hellegt Bärbel als Schutzpatréinesch vun de Biergleit hei am Land feieren, déi verlaangten Averständnësserklärunge fir d'UNESCO-Kandidatur unzefroen. Do derniewent schafft de Kulturministère ganz enk mat Pro Sud zesummen, fir Dokumentatiounsmaterial iwwert Bärbelendag am Süde vum Land ze kréien, esouwéi och mat dem Schifermusée vun Uewermaartel fir de Norde vum Land. Parallel dozou huet de Kulturministère 2022 an 2023 och eegent audiovisuellt Dokumentatiounsmaterial iwewrt d'Feier vu Bärbelendag am Minett an zu Uewermaartel produzéiert an am Kader vun der UNESCO Kandidatur u Pole weidergeleet.

Dës gemeinsam Beméiungen solle sech am Laf vum Joer 2024 an enger gemeinsamer UNESCO Ufro fir d'Aschreiwung vum Bärbelendag op der Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet konkretiséieren.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2024.

De Kulturminister

(s.) Eric Thill